# Aktualiséierungen an der Orthografie

Wat gouf preziséiert, completéiert an ugepasst?

Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch

Educatiounsministère

Lëtzebuerg, de 15. November 2019

# Inhalt


1 E completéiert Reegelwierk....1
2 Wéi eng Reegele goufen aktualiséiert?....1
2.1 De laangen *ee* (Reegel 2.1)....2
2.2 De Suffix als onofhängege Wuertdeel (Reegel 1.6.1)....3
2.3 Den net geschwaten *e* (Reegel 2.3)....4
2.4 D’r-Reegel (Reegel 3.2.1)....5
2.5 De Prefix *ur-* (Reegel 1.6.1)....6
2.6 Vokalverdueblung am Suffix (Reegel 1.6.3)....7
2.7 Adjektiven op *-esch* mat einfachem Konsonant virdrun (Reegel 4.1.1.1)....8
2.8 D’Quantitéitsreegel bei Zesummesetzungen (Reegel 1.5)....9
2.9 Verben op *-néieren* an Adjektiven op *-(i)onell* (Reegel 4.1.1.1)....10
2.10 De stommen *e* um Enn vu franséische Wierder (Reegel 7.2.3)....11
2.11 Franséisch oder däitsch Schreifweis (Reegel 4.1.1.1 / 7.2.1)....12
2.12 *-end* am Participe présent (Reegel 4.2.1)....13
2.13 Den däitschen „Dehnungs-h“ (Reegel 4.3.1)....14
2.14 Den *ß* an den *ss* bei däitsche Léinwierder (Reegel 4.3.4.4)....15
2.15 Englesch Wierder: Pluriellen, Zesummesetzungen a Verben (Reegel 7.3)....16
2.16 *ph* an *f* bei griichesche Wierder (Reegel 7.4)....17
2.17 *pre/prä* a *ped/päd* bei griicheschen a laténgesche Wierder (Reegel 7.4)....18
2.18 Zesummegesate Wierder aus anere Sproochen (Reegel 7.5)....19
2.19 Eenzel Wierder, déi adaptéiert goufen....20
2.20 D’n-Reegel bei grafeschen Ervirhiewungen a bei bestëmmten Textzorten (Reegel 6.1.2.6, 6.2.2)....21
2.21 Den *n* bei geografeschen Nimm (Reegel 6.4)....22
2.22 Den *n* bei Wierder op *-äin* an *-een* (Reegel 6.1.2.2)....23
2.23 Iwwersiicht iwwer d’Grouss- a Klengschreiwung (Kapitel 8)....24
2.24 Iwwersiicht iwwer d’Getrennt- an Zesummeschreiwung (Kapitel 9)....25
2.25 De Komma (Kapitel 10.3.1)....26
3 Limitatiounen an oppe Froen....27

# 1 E completéiert Reegelwierk

Dëst Dokument adresséiert sech an éischter Linn u Leit, déi sech mat der Lëtzebuerger Sprooch beschäftegen, a weist déi zentral Aktualiséierungen, déi mam completéierte Reegelwierk de 15. November 2019 a Kraaft trieden. Et ass en Aarbechtsdokument, dat geduecht ass, fir sech séier en Iwwerbléck ze verschafen, wéi de Wuertlaut vun deenen neie Reegelen ass, wéi eng Wierder adaptéiert a wéi eng Reegele completéiert goufen. Och den Text selwer hält sech schonn un déi aktualiséiert Reegelen, déi hei virgestallt ginn.

Et ass virgesinn, datt béid Schreifweise fir eng Iwwergangsphas vun engem knappe Joer zougelooss sinn. Vum September 2020 u sollen da just nach déi aktualiséiert Reegele gëllen.

# 2 Wéi eng Reegele goufen aktualiséiert?

Op dëser Plaz ginn déi Aspekter am Detail virgestallt, déi zu neie Schreifweisen oder zu neien Haapt- an Niewevarianten an der Lëtzebuerger Orthografie féieren.
All Kapitel ass esou opgebaut, datt kuerz erkläert gëtt, wéi déi jeeweileg Fäll bis elo traitéiert goufen (no de Reglementer vun 1975 an 1999). Déi nei Reegel gëtt ëmmer an enger Case zitéiert an duerno erkläert oder duerch Beispiller illustréiert. Bei deene meeschte Kapitele gëtt et eng Iwwersiichtstabell, an där déi al an déi nei Schreifweis niefteneen ze fanne sinn. An de Reegele gëtt dacks op den LD (Lëtzebuerger Dictionnaire) verwisen, woumat einfach den LOD (Lëtzebuerger Online Dictionnaire) gemengt ass.

Eventuell Niewevariante si mat engem duebele schife Stréch (//) uginn. Hei gëllen an Zukunft déi zwou Schreifweisen. Déi éischtgenannten an der rietser Kolonn ass ëmmer d'Haaptvariant. Dës Lëschte sinn net exhaustiv, d. h. net all nei Schreifweis gëtt ugewisen. Et gouf awer versicht, déi zentral Wierder an Adaptatiounen esou gutt ewéi méiglech ze dokumentéieren.
Bei Froen oder Remarke kënnt Dir Iech beim ZLS (Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch) op der LOD-Hotline mellen: lod@lod.lu.

# 2.1 De laangen *ee* (Reegel 2.1)

Bis elo gouf de laangen *e* dacks einfach geschriwwen, wéinst dem däitsche Schrëftbild. Elo gëtt den *e* méi konsequent verduebelt.

## AKTUALISÉIERT REEGEL

**De laange Vokal *e* gëtt am Lëtzebuergeschen *ee* geschriwwen, wann e betount ass oder a bestëmmten Endsilbe steet (dat gëtt am LD festgehalen).**

Dës Reegel ass allerdéngs un d'Betounung gebonnen. Wann d'Betounung ännert, da gëtt net méi verduebelt: *Kolleeg*, *Kolleegin*, *konkreet*, mee: *kollegial*, *konkretiséieren*. Jee no Betounung dierf dann och d'Wuert *Problem* just mat engem oder zwee *e* geschriwwe ginn (den *e* dierf just verduebelt ginn, wann déi lescht Silb betount ass).
Wéinst etabléierte Schreifweise gëtt et hei eng Rei Ausnamen:

- *Alphabet*, *Februar*, *Medien*, *Meter*, *Veto*
- cheemesch Elementer a Friemwierder op -*us* an -*um*: *Selen*, *Klerus*, *Gremium*
- Friemwierder mat dëse Wuertdeeler: *de-, demo(-), dezi-, ego(-), mega(-), meta-, meteo(-), neo-, (-)ped(-), peri- , pre-, re-, steno(-), stereo(-), theo-, xeno-*

Lännernimm bleiwen an hirer Grondform onverännert: *Amerika*, *Chile*, *Kenia*, *Schweden*. Bei Ofleedungen (Adjektiven oder Awunnerbezeechnungen) gräift d'Reegel vum laangen *e*, deen an der betounter Silb verduebelt gëtt: *schweedesch*, *Chinees, Chileenin.*

Bei enger Rei Wierder sinn déi zwou Schreifweisen zougelooss (dat steet dann am LD): D'Form mat *ee* ass hei als Haaptvariant unzegesinn.

| **Al Schreifweis** | **Nei Schreifweis** |
|---|---|
| bewegen // beweegen | beweegen |
| eben | eeben // eben |
| extrem | extreem // extrem |
| Gen | Geen // Gen |
| italienesch | italieenesch |
| Libanes | Libanees |
| Privileg // Privileeg | Privileeg |
| Regel // Reegel | Reegel |
| schwedesch | schweedesch |
| Trema | Treema // Trema |

## 2.2 De Suffix als onofhängege Wuertdeel (Reegel 1.6.1)

Bis elo goufe verschidde Suffixer bei der Quantitéitsreegel mat berücksichtegt (*Boomchen*) an anerer net (*Grofschaft*). Vun elo u gëtt e Suffix eenzel gekuckt.

---

### ✏️ AKTUALISÉIERT REEGEL

**E Suffix […] gëtt gekuckt ewéi en onofhängegen Deel vun engem zesummegesate Wuert.**

---

Zu de Suffixe gehéieren: *-bar*, *-chen*, *-haft*, *-lech*, *-lecht*, *-lek*, *-ling/-leng*, *-los*, *-nes/-nis*, *-sam*, *-schaft*.
An dëse Fäll gi verschidde Vokalen net méi verduebelt respektiv verschidde Konsonante vum Stamm zweemol geschriwwen.

| **Al Schreifweis** | **Nei Schreifweis** |
|---|---|
| Boomchen | Bomchen |
| Erlaabnis // Erlaabnes | Erlabnis // Erlabnes |
| Liibling | Libling |
| Mäerchen | Märchen |
| üüblech | üblech |
| wootlech | wotlech |
| zimlech | zimmlech |

## 2.3 Den net geschwaten *e* (Reegel 2.3)

Bis elo gouf ënnerscheet tëscht enger Allegro- an enger Lentoform: *goureg* (Allegro), *gouereg* (Lento). Et gouf eng Recommandatioun, an dëse Fäll éischter d'Lentoform mam *e* ze huelen. Mat där neier Reegel ginn nach eng Rei aner Fäll gekläert.

---

### AKTUALISÉIERT REEGEL

**An der geschwater Sprooch gëtt den *e* an onbetounte Silben dacks net ausgeschwat. E gëtt awer geschriwwen. […] Bei enger Rei Wierder gëtt et an der geschriwwener Sprooch déi zwou Méiglechkeeten, déi am LD festgehale sinn […]. Virun dem Suffix -*ung* gëtt den -*el* dacks duerch en einfachen -*l* ersat.**

---

Wann den *e* ewechgelooss gëtt, gëtt keen Apostroph gesat.
Bei ville kuerze Funktiounswierder kann den *e* optional ewechgelooss ginn: *(e)lo*, *(e)ran*, *(e)sou*, *(e)wech*, *(e)wéi, z(e)réck.*
Bei enger Rei Wierder däerf een den *e* just dann ewechloossen, wann een explizitt wëllt déi geschwate Sprooch duerstellen: *Timb(e)ren*, *Artik(e)len*, *Allerhell(e)gen*, *héi(e)ren*.

Bei anere Wierder muss een am LD kucken, ob eng Schreifweis ouni *e* zougelooss ass.

| Al Schreifweis | Nei Schreifweis |
|---|---|
| äifreg | äifereg // äifreg |
| elo | elo // lo |
| eraus | eraus // raus |
| eréischt | eréischt // réischt |
| iwwregens | iwweregens // iwwregens |
| Verdonkelung | Verdonklung |
| Verduebelung | Verdueblung |
| Wourecht | Wouerecht // Wourecht |

Bei de Wierder *et* an *ze* kann den *e* an net offiziellen, informellen Texter ewechgelooss ginn. Hei gëtt en dann duerch en Apostroph ersat: *'t ass vill z'entdecken*.
D'Tournure *z'iessen* gëtt ëmmer mat Apostroph geschriwwen.

# 2.4 D'r-Reegel (Reegel 3.2.1)

Bis elo gouf gekuckt, ob Wierder mat *-ir* oder *-ur* e Parallelwuert am Däitschen hunn.
Dës Reegel gouf elo esou ugepasst, datt een net méi iwwer dat Däitscht muss fueren, fir d'Schreifweis vun dëse Wierder ze bestëmmen.

## AKTUALISÉIERT REEGEL

**Wann den *i* oder den *u* virum *r* laang geschwat ass, da kënnt en *e* derbäi an deen *ier* oder *uer* gëtt als Diphthong geschwat.**

Vun dëser neier Reegel gëtt et eng Rei Ausnamen:

- Pronomen a Prepositiounen: *dir*, *Dir*, *hir*, *mir*, *vir*, *fir*, *zur*
- de Prefix *ur-* (cf. 2.5)
- Wierder am Zesummenhang mat *Irland*: *iresch*, *Ir*, *Iren*
- Friemwierder op *-ir* an *-ur*: *Vampir*, *Natur*, *Kultur*, *Purpur*, *Temperatur* (bei Wuertbildunge mam Zirkumfix *Ge...s* gëtt hei allerdéngs en *e* geschriwwen: *Prozedur* → *Geprozeduers*)

Wann den *i* oder *u* virum *r* kuerz ass, kënnt keen *e* dertëscht: *Hirsch*, *Wurscht*.

| **Al Schreifweis** | **Nei Schreifweis** |
|---|---|
| Bir | Bier |
| Gehir | Gehier |
| Geschir | Geschier |
| hurelen | huerelen |
| Kur | Kuer |
| sech iren | sech ieren |
| Spur | Spuer |
| Stir | Stier |

## 2.5 De Prefix *ur-* (Reegel 1.6.1)

Bis elo gouf bei Zesummesetzunge mam Prefix *ur-* gekuckt, ob de Wuertdeel hannendrunner selbstänneg ka virkommen. Mat där neier Reegel gëtt de Prefix ëmmer d'selwecht geschriwwen.

### AKTUALISÉIERT REEGEL

**[…] de laang geschwate Prefix *ur-* bleift onverännert.**

Dës Reegel ännert am Prinzip just d'Schreifweis vu Wuertbildunge mat *Urteel*. Den *Ursprong* an d'*Ursaach* bleiwen onverännert.

| **Al Schreifweis** | **Nei Schreifweis** |
|---|---|
| Uerteel | Urteel |
| beuerteelen | beurteelen |
| veruerteelen | verurteelen |

# 2.6 Vokalverdueblung am Suffix (Reegel 1.6.3)

Bis elo goufen d'Vokaler am Suffix just da verduebelt, wann de Suffix betount war. Mat där neier Reegel gëtt elo ëmmer da verduebelt, wann op d'mannst zwee Konsonanten hannert dem laange Vokal am Suffix stinn.

---

### AKTUALISÉIERT REEGEL

**Wann e Suffix duerch eng Endung e Konsonant hanne bäikritt, da gëtt de laange Vokal am Suffix verduebelt, och wann en net betount ass.**

---

Dat gëllt och fir Verbformen, an deenen dës Suffixer virkommen: *verharmlosen* → *verharmloost*, *vereinbaren* → *vereinbaart*.

| Al Schreifweis | Nei Schreifweis |
|---|---|
| am positivsten | am positiivsten |
| gemeinsamt | gemeinsaamt |
| hoffnungslost | hoffnungsloost |
| verharmlost | verharmloost |
| wonnerbart | wonnerbaart |

## 2.7 Adjektiven op -*esch* mat einfachem Konsonant virdrun (Reegel 4.1.1.1)

Bis elo gouf et just eng Recommandatioun, déi uginn huet, wéini bei der Flexioun verduebelt gëtt: *fragil → e fragillen Zoustand*, *Rubrik → Rubricken*. Elo gëtt et den Zousaz, déi de Fall fir Adjektivbildungen op -*esch* kläert.

---

✏️ **AKTUALISÉIERT REEGEL**

**Bei Adjektivbildunge mat -*esch* gëtt de Konsonant [virdrun] net verduebelt.**

---

Dat gëllt fir Formen ewéi *analytesch*, *typesch*, *medezinesch*, asw. Wann d'Adjektiv op e Wuert mat dueblem Konsonant zeréckgeet, gëtt en allerdéngs weiderhi verduebelt: *finnesch* (*Finnland*), *jemenittesch* (*Jemenitt*), *spëttesch* (*Spott*).

## 2.8 D’Quantitéitsreegel bei Zesummesetzungen (Reegel 1.5)

Bis elo gouf et keng kloer Reegel, déi definéiert, wéi ee mat Zesummesetzungen ëmgeet, bei deene just een Deel e selbstännegt Wuert ass.

---

### AKTUALISÉIERT REEGEL

**Bei zesummegesate Wierder gëtt fir d’Quantitéitsreegel vun de Vokaler am Prinzip all Wuert eenzel gekuckt […]. Dat ass och esou, wa just een Deel vum Wuert en eegestännegt Wuert ass.**

---

Bei *Wittfra* gëtt de Konsonant *t* verduebelt, well den *i* kuerz ass an d’Wuertdeeler *Witt* a *fra* eenzel gekuckt ginn.

De laange Vokal gëtt an der betounter Silb verduebelt, wa bei enger Zesummesetzung keen Deel vum Wuert en eegestännegt Wuert duerstellt: *Moolzecht*, *zwiispälteg.*

| **Al Schreifweis** | **Nei Schreifweis** |
|---|---|
| Hambier | Hammbier |
| Schubkar | Schubbkar |

## 2.9 Verben op *-néieren* an Adjektiven op *-(i)onell* (Reegel 4.1.1.1)

Bis elo gouf sech um däitschen oder franséische Schrëftbild orientéiert fir ze definéieren, ob e Wuert ewéi *abonéieren* een oder zwee *n* kréien. Elo gëtt fir de Gebrauch am Lëtzebuergeschen eng Grondreegel ageféiert.

---

### AKTUALISÉIERT REEGEL

**Bei Verben op -*néieren* a bei Adjektiven op -*(i)onell* gëtt een *n* geschriwwen, egal wéi et am Däitschen oder am Franséischen ass.**

---

| **Al Schreifweis** | **Nei Schreifweis** |
|---|---|
| abonnéieren | abonéieren |
| funktionéieren // fonctionnéieren | funktionéieren // fonctionéieren |
| ordonnéieren | ordonéieren |
| sanctionnéieren | sanktionéieren // sanctionéieren |

Bei Ofleedunge vun dëse Verbe kann och just een *n* geschriwwe ginn. D‘Haaptvariant bleift awer mat zwee *n* (wann d‘Wuert och am Franséischen zwee *n* kritt):

- *abonéieren* → HV: *Abonnent* (NV: *Abonent*)
- *fonctionéieren* → HV: *Fonctionnaire* (NV: *Fonctionaire*)
- *impressionéieren* → HV: *impressionnant* (NV: *impressionant*)

# 2.10 De stommen *e* um Enn vu franséische Wierder (Reegel 7.2.3)

Bis elo gouf et keng kloer Reegel, déi festgeluecht huet, wéini Wierder de stommen *e* aus dem Franséische verléieren. Elo gëtt et eng Reegel, déi sech haaptsächlech um Krittär vun der Liesbarkeet orientéiert.

---

## ✏️ AKTUALISÉIERT REEGEL

**E stommen *e* um Enn vu franséische Wierder gëtt […] geschriwwen, wann e Wuert ewéi am Franséischen ausgeschwat an ouni de stommen *e* iwwer dem Liesen net méi erkannt gëtt. […] Soss gëtt déi lëtzebuergesch Schreifweis ouni *e* geholl. […] Wann e kuerze betounte Vokal an der Endung virun engem Konsonant steet, da gëtt fir déi lëtzebuergesch Schreifweis dee Konsonant verduebelt. […] Déi franséisch Schreifweis ka bei verschiddene Wierder als Niewevariant geholl ginn.**

---

D’Niewevariante ginn am LD festgehalen. Déi meescht Wierder vun dëser Kategorie goufen deels schonn am LD esou ugewisen, sou datt et keng grouss Ännerunge gëtt. Wichteg ass allerdéngs déi méi konsequent Verdueblung vun de Konsonanten um Enn vum Wuert, wann de stommen *e* ewechfält an d‘Silb betount ass: *Limitt*. Ausserdeem gëllt déi lëtzebuergesch Schreifweis elo ëmmer als Haaptvariant.
D’Ewechloosse vum stommen *e* kann deelweis och mat sech bréngen, datt aner Buschtawen am Wuert un d’Lëtzebuergescht adaptéiert ginn: *Equipe* → *Ekipp*.
Eng Rei Wierder mat stommem *e* falen als Niewevariant ewech, esou datt et just nach eng Form ouni *e* gëtt: *Bott*, *Pist*.

| **Al Schreifweis** | **Nei Schreifweis** |
|---|---|
| Analys // Analyse | Analys |
| Barrière | Barriär // Barrière |
| Domaine // Domän | Domän // Domaine |
| Limite | Limitt // Limite |
| Moustique | Mustik // Moustique |
| Vestiaire | Vestiär // Vestiaire |
| Vas // Vase | Vas |

# 2.11 Franséisch oder däitsch Schreifweis (Reegel 4.1.1.1 / 7.2.1)

Bis elo huet een e Wuert, wat et am Däitschen an am Franséische gëtt, éischter no den däitsche Reegele geschriwwen. Wierder, déi franséisch ausgeschwat ginn, goufen och wéi am Franséische geschriwwen. Dat ass och mat där neier Reegel de Fall, mam Zousaz, datt d'Endungen -*néieren* an -*(i)onell* just een *n* kréien an datt elo eng Rei Wierder och eng franséisch Niewevariant hunn.

## AKTUALISÉIERT REEGEL

**Bei verschiddene Wierder huet een d'Wiel tëscht zwou Schreifweisen, woubäi déi eng sech um Däitschen an déi aner sech um Franséischen orientéiert […]. Bei anere Wierder verréit d'Aussprooch, aus wéi enger Sprooch se kommen. D'Schreifweis ass deementspriechend déi däitsch oder déi franséisch (den *n* bei Verben op *-néieren* oder Adjektiven op *-(i)onell* gëtt net verduebelt).**

Bei enger Rei Wierder huet een de Choix tëscht zwou Schreifweisen:

- *Kartusch* oder *Cartouche*
- *Domän* oder *Domaine*

Bei anere Wierder definéiert d'Aussprooch d'Schreifweis:

- *koordinéieren* oder *coordonéieren* (just mat engem *n*)
- *funktionéieren* oder *fonctionéieren* (just mat engem *n*)
- *Exemplar* oder *Exemplaire*

| Al Schreifweis | Nei Schreifweis |
|---|---|
| Boulette | Bullett // Boulette |
| capabel | kapabel // capabel |
| Casque | Kask // Casque |
| Tableau | Tablo // Tableau |

## 2.12 -*end* am Participe présent (Reegel 4.2.1)

Bis elo gouf just festgehalen, datt mer um Enn vum Wuert e schaarfe Konsonant schreiwen, wann et am Däitsche kee Parallelwuert gëtt mat *b*, *d*, *g* oder *w*. Bei de Verbe gëtt et den Zousaz, datt den -*t* aus enger Flexiounsendung den -*d* aus dem Stamm ersetzt: *landen → gelant* (dat gëllt och fir ofgeleete Formen: *e Gesanten*). Eng zousätzlech Reegel kläert elo och de Fall vum Participe présent.

---

**AKTUALISÉIERT REEGEL**

**D'Endung vun engem Participe présent bleift ëmmer -*end.***

---

An enger Adjektivendung, déi sächlech an am Nominativ oder Akkusativ Singulier ass, kënnt bei engem Participe présent keen -*t*, deen d’Adjektiven op där Plaz theoreetesch kréichen: *e schéint Enn*, *e spannend Enn*.

## 2.13 Den däitschen „Dehnungs-h“ (Reegel 4.3.1)

Bis elo goufe vill Wierder, déi et och am Däitsche gëtt, prinzipiell ouni „Dehnungs-h“ geschriwwen: *hie geet*. Bei anere Wierder gouf et Varianten: *während* // *wärend*. Dës Reegel, déi an deene meeschte Fäll schonns applizéiert gouf, gëtt elo méi konsequent ëmgesat.

---

### AKTUALISÉIERT REEGEL

**Den *h* gëtt am Lëtzebuergeschen net benotzt, fir d’Längt vun engem Vokal ze markéieren […]. D’Variant mam däitschen *h* ass méiglech bei Wierder, déi ouni *h* iwwer dem Liesen net gutt erkannt ginn.**

---

Och hei gëtt et de Krittär vun der Liesbarkeet. Am LD gëtt festgehalen, wéi eng Forme mam däitschen „Dehnungs-h“ existéieren.

| **Al Schreifweis** | **Nei Schreifweis** |
|---|---|
| ähnlech | änlech |
| Ahnung // Anung | Anung |
| angenehm | angeneem |
| berühmt // berüümt | berüümt |
| Bühn | Bün |
| Fahrlehrer | Farleerer // Fahrlehrer |
| Fernseh | Fernsee // Fernseh |
| Führerschäin | Fürerschäin // Führerschäin |
| Hellseher | Hellseeër // Hellseher |
| Kühler | Küler |
| Schlagsahn | Schlagsan |
| Strahlung | Stralung |
| Tiefkühler | Tifküler |
| Truh // Tru | Tru |
| Walen // Wahlen | Walen |
| während // wärend | wärend |

## 2.14 Den *ß* an den *ss* bei däitsche Léinwierder (Reegel 4.3.4.4)

Bis elo gouf et keng kloer Reegel, wéi eng Roll d’Quantitéitsreegel spillt, wann däitsch Wierder iwwerholl ginn, bei deenen en *ß* an en *ss* ëmgeschriwwe gëtt.

---

### AKTUALISÉIERT REEGEL

**Wann däitsch Wierder iwwerholl ginn, gëtt den *ß* duerch *ss* ersat. De Vokal virdrunner gëtt just da verduebelt, wann d'Wuert am Lëtzebuergeschen etabléiert ass. Dat gëtt am LD festgehalen.**

---

Dat däitscht Wuert *Größenwahn* kann am Lëtzebuergeschen deemno op zwou Manéiere geschriwwe ginn: 1) als geléint däitscht Wuert ouni *ß*: *Grössenwahn* oder 2) mat enger integréierter Schreifweis: *Gröössewan*. Dat gëllt och fir „Trendwierder“ wéi *süüss* (oder als geléint Wuert: *süss*).

# 2.15 Englesch Wierder: Pluriellen, Zesummesetzungen a Verben (Reegel 7.3)

Bis elo gouf et keng Definitioun, wéi ee mat zesummegesate Wierder aus dem Englesche fiert. Beim Pluriel ware bis elo just déi lëtzebuergesch Endungen -*en* an -*er* zougelooss.

---

## ✏️ AKTUALISÉIERT REEGEL

**Vill englesch Wierder ginn an hirer Originalschreifweis iwwerholl; d'Substantive ginn awer groussgeschriwwen. De lëtzebuergesche Pluriel -*en* oder -*er* gëtt drugehaangen an, wann néideg, de Konsonant um Enn verduebelt. […] Alternativ kann och de Pluriel aus dem Englesche geholl ginn. […]**
**Substantiven, déi aus englesche Wierder bestinn, och a Kombinatioune mat lëtzebuergesche Wierder, ginn zesummegeschriwwen (ouni Bindestréch). […]**
**De Partizip gëtt nom lëtzebuergesche Modell gebilt. […] Fir eng besser Liesbarkeet kann als Niewevariant och déi englesch Endung -*ed* am lëtzebuergesche Partizip geholl ginn (dat steet dann am LD). Bei dëse Verbe kann och an deenen anere Verbformen den *e* aus der englescher Grondform bäibehale ginn.**

---

Déi englesch Plurielle si gläichwäerteg mat deene lëtzebuergeschen: *Jobben* oder *Jobs* *Bigbanden* oder *Bigbands*, *Smalltalken* oder *Smalltalks*.
Am Pluriel gëtt de Konsonant net gewiesselt, och wann en haart geschwat gëtt.

Hei eng Rei Zesummesetzungen: *Bestseller*, *Bigband*, *Blackout*, *Computersoftware*, *Countdown*, *Designermiwwelen*, *Fitnesszenter*, *Jackpot*, *Knowhow*, *Smalltalk*, *Stuntman*.
E Bindestréch dierf als Niewevariant gesat ginn, wann d'Wuert och am Engleschen e Bindestréch huet: *Makeup* // *Make-up*, *Startup* // *Start-up*.
Wann dat éischt Wuert bei enger Zesummesetzung en onbetount Adjektiv ass, gëtt et auserneegeschriwwen: *Social Media, High Society.*

Am Participe passé gëllt d'Form mam -*t* als Haaptvariant. Den -*ed* ass just Niewevariant, wann d'Verb soss net gutt ze erkennen ass. Och an deenen anere Forme kann den engleschen *e* bäibehale ginn: *faken* → *gefakt* // *gefaked, du faks // du fakes.*

| **Al Schreifweis** | **Nei Schreifweis** |
|---|---|
| Banten (Pluriel) | Banden // Bands |
| Jobben // Joppen (Pluriel) | Jobben // Jobs |
| Start-up (Pl. Start-uppen) | Startup (Pl. Startuppen // Startups)<br>Start-up (Pl. Start-uppen // Start-ups) |
| getimed // getimt (Participe passé)<br>du tims, hien timt | getimt // getimed<br>du tims // times, hien timt // timet |

## 2.16 *ph* an *f* bei griichesche Wierder (Reegel 7.4)

Bis elo gouf d'Fro, wéini e griichesche *ph* zu engem *f* gëtt, méi oder manner iwwer d'Däitscht geléist. Elo gëtt et eng extra Reegel fir am Lëtzebuergeschen.

---

### AKTUALISÉIERT REEGEL

**Beim *ph* aus dem Griichesche gëtt et dräi Fäll:**
**° De *ph* gëtt bäibehalen […].**
**° Bei Wierder mat -*graf*(-)/-*graph*(-) oder -*fon*/-*phon* gëtt et déi zwou Schreifweisen. D'Form mam *f* gëllt als Haaptvariant […].**
**° Et gëtt just eng Form mat *f* […].**

---

Dës Wierder kréien ëmmer e *ph*: *Atmosphär*, *Metapher*, *Philosophie*, *Physik.*
Dës Wierder hunn zwou Schreifweisen: *Biografie // Biographie*, *Orthografie // Orthographie*, *geografesch // geographesch*, *Mikrofon // Mikrophon.*
Dës Wierder kréien ëmmer *f*: *Delfin*, *Fantasie*, *Foto*.

Well et hei och deels ëm individuell Wierder geet, muss een am LD nokucken, wéi eng Wierder genee betraff sinn.
Hei spillt et allerdéngs och eng Roll, ob e Wuert eng däitsch oder eng franséisch Aussprooch huet. Wann een also *francophone* wéi am Franséische schwätzt, dierf een de *ph* net duerch *f* ersetzen.

## 2.17 *pre/prä* a *ped/päd* bei griicheschen a laténgesche Wierder (Reegel 7.4)

Bis elo gouf och hei iwwer d'Däitscht oder d'Franséischt gefuer. Elo gëtt et eng kloer Reegel, déi eng Haaptvariant fir d'Lëtzebuergescht festleet.

### AKTUALISÉIERT REEGEL

**Bei Wierder mat *pre-*/*prä-* oder (-)*ped*(-)/*-päd*(-) gëllt d'Form mam *e* als Haaptvariant (den *e* gëtt net verduebelt […]). D'Schreifweis mat *ä* ass just dann erlaabt, wann et en däitscht Parallelwuert mat *ä* gëtt.**

Wann d'Wierder am Däitsche keen *ä* kréien, ass dësen och net am Lëtzebuergeschen zougelooss: *Expeditioun* (dt. *Expedition*), *torpedéieren* (dt. *torpedieren*)

| **Al Schreifweis** | **Nei Schreifweis** |
|---|---|
| Enzyklopädie | Enzyklopedie // Enzyklopädie |
| Orthopäd(in) | Orthoped(in) // Orthopäd(in) |
| prägnant // pregnant | pregnant // prägnant |
| Präparat | Preparat // Präparat |
| präsent | present // präsent |
| präzis | prezis // präzis |
| President(in) | President(in) // Präsident(in) |
| Preventioun // Präventioun | Preventioun // Präventioun |

## 2.18 Zesummegesate Wierder aus anere Sproochen (Reegel 7.5)

Bis elo gouf et just eng kloer Formuléierung fir zesummegesate Wierder aus dem Franséischen. Op dëser Plaz ginn dann elo och déi aner Fäll gekläert.
(Fir déi englesch Wierder: cf. 2.15 an dësem Dokument)

---

### AKTUALISÉIERT REEGEL

**Fir zesummegesate Substantiven, déi aus anere Sprooche wéi zum Beispill aus dem Laténgeschen oder Italieenesche kommen, gëtt just dat éischt Wuert groussgeschriwwen. […] Am Pluriel gi Bindestrécher gesat an nom kuerze betounte Vokal gëtt de Schlusskonsonant verduebelt.**

---

Am Prinzip gëtt déi selwecht Reegel vu franséischen Ausdréck op déi aner Sproochen iwwerdroen, esou datt een dës Wierder *par analogie* ka schreiwen: *Deus ex machina*, *Alter ego*, *Curriculum vitae* (Pl.: *Curriculum-vitaeen*, ouni *n*: *Curriculum-vitaeë*).

## 2.19 Eenzel Wierder, déi adaptéiert goufen

Hei elo nach eng Lëscht mat frequente Wierder, déi vun elo aus un anescht geschriwwe ginn.
Eng weider Neierung ass och, datt den *t* um Enn vu Prepositiounen elo optional ass (ouni preferéiert Variant): *iwwer(t)*, *ënner(t)*.

| **Al Schreifweis** | **Nei Schreifweis** |
|---|---|
| achzeg | achtzeg |
| beduxen // beducksen | beducksen |
| Boot | Boot // Bot |
| Brit, britesch | Britt, brittesch |
| dagsiwwer | daagsiwwer |
| Fluch, Flich (dt. Flug, Flüge)<br>Réckfluch, Fluchticket | Fluch // Flug , Flich // Flig<br>Réckfluch // Réckflug, Fluchticket // Flugticket |
| Fluchhafen | Flughafen // Fluchhafen |
| folgend | follgend (wéinst Folleg) // folgend |
| Folleg, Folgen | Folleg, Follgen |
| Griichenland | Griicheland // Griichenland |
| Jemenit | Jemenitt |
| Journal, Journalen | Journal, Journallen |
| Kommoud | Komoud |
| Moos | Moos // Mos |
| Nofolger | Nofollger (wéint Folleg) |
| Schiit | Schiitt |
| städtesch | stättesch |
| uechzéng | uechtzéng |
| w.e.g. (wann ech gelift) | wgl. (wannechgelift) |
| wann ech gelift, wat gelift | wannechgelift, watgelift |

# 2.20 D'n-Reegel bei grafeschen Ervirhiewungen a bei bestëmmten Textzorten (Reegel 6.1.2.6, 6.2.2)

Bis elo gouf d'n-Reegel just am Zesummenhang mat Lauter oder mat Saz- a Wuertzeechen erkläert. Grafesch oder stilistesch Ervirhiewungen, wéi een se op Plakater oder a bestëmmten Texter fënnt, sinn elo och ofgedeckt.

---

### AKTUALISÉIERT REEGEL

**Viru Wierder, déi grafesch ervirgehuewe sinn (duerch Kursivschrëft oder eng faarweg Markéierung asw.) oder tëscht Gänseféisercher stinn, applizéiert sech d'n-Reegel. [...] Bei grafesch ervirgehuewene Wierder a bei Wierder tëscht Gänseféisercher bleift den *n* stoen, wann de Sënn et verlaangt. […]**
**Op Plakater oder Affichen, an de soziale Medien, Titelen oder Gedichter kann den *n* stoe bleiwen, wann d'Wuert soll ervirgehuewe ginn.**

---

Bei grafeschen Ervirhiewunge gëtt d'n-Reegel normalerweis applizéiert:

- *Dat do war e **grousse** Feeler!*
- *Dat do war e grousse Feeler!*

Op bestëmmte Plaze bleift den *n* stoen, wann d'Wierder sollen explizitt genannt ginn (bei de Beispiller bleift deemno den *n* aus der Infinitivendung stoen):

- *D'Wierder „bléien" a „fléien" maachen e schéine Reim.*
- *D'Wierder **bléien** a **fléien** maachen e schéine Reim.*
- *D'Wierder bléien a fléien maachen e schéine Reim.*

## 2.21 Den *n* bei geografeschen Nimm (Reegel 6.4)

Bis elo gouf bei alle geografeschen Nimm den *n* bäibehalen. Dat gouf elo ugepasst, fir méi no bei der Aussprooch ze sinn.

---

**AKTUALISÉIERT REEGEL**

**Den *n* fält just ewech bei geografeschen Nimm, déi mat -*en* ophalen. […] Bei Nimm vun Uertschaften a Stied kann den *n* och stoe bleiwen.**

---

An dëse Fäll fält den *n* ewech:

- *an Italie fueren*
- *Spuenierees*
- *an Norwege goen*
- *a Schwede fueren*
- *an Asie wunnen*
- *um Schwaarze Mier*

Bei Uertschaften a Stied ass d'Ewechloosse fakultativ:

- *zu Lëntge brennt et // zu Lëntgen brennt et*
- *op Münche fueren // op München fueren*

## 2.22 Den *n* bei Wierder op *-äin* an *-een* (Reegel 6.1.2.2)

Bis elo gouf bei Wierder op *-äin* an *-een* den *n* ëmmer ewechgelooss. Dat gouf elo ugepasst, fir méi no bei der Aussprooch ze sinn.

---

**AKTUALISÉIERT REEGEL**

**Bei de Substantiven op *-äin* ass d’Ewechloosse vum *n* fakultativ. […] Bei den eesilbege Substantiven op *-een* ass d’Ewechloosse vum *n* fakultativ.**

---

Fir dës Reegel gëtt et eng Rei Ausnamen:
Dës Reegel gräift net bei Zesummesetzunge mat Wierder op *-een* an *-äin*. Hei gëtt den n ëmmer ewechgelooss: *schwäiwëll*, *Wäiglas*, *Wäifläsch*, *Wäibau* an och *Reemantel*, *Steekoup*, *Steekaul*, *Steemetzer*.
Bei dëse Wierder bleift den *n* ëmmer stoen: *Geen*, *Veen*, *Ween* (Pl. vu *Won*) an *Zeen*.

## 2.23 Iwwersiicht iwwer d’Grouss- a Klengschreiwung (Kapitel 8)

Bis elo gouf sech un der däitscher Grouss- a Klengschreiwung orientéiert. Dës Reegele goufe gréisstendeels bäibehalen. Verschidde lëtzebuergesch Fäll hunn awer missen am Detail gekläert ginn. Déi wichtegst Prinzipie stinn hei ënnendrënner:

- Substantiven, Eegennimm a Substantivéierunge gi groussgeschriwwen.

- Adjektiven, Pronomen an Adverben:
  - Bei Bezeechnunge vun Epochen, Planzen, Plazen oder bestëmmte Géigestänn gëtt d’Adjektiv groussgeschriwwen, wann et sech ëm e bestëmmten Numm dréit: *eng Rout Kréischel*, *déi Gro Kaart*, *déi Franséisch Revolutioun*, *um Schwaarze Mier*.
  - Hanner Prepositioune ginn deklinéiert Adjektive groussgeschriwwen: *vu Klengem un*, *zënter Laangem*, *am Allgemengen*, *vun Noem a vu Wäitem.*
  - Hanner Prepositioune ginn ondeklinéiert Adjektive klenggeschriwwen (ausser et si Leit gemengt): *vun no a vu wäit*, *duerch déck an dënn*, *iwwer kuerz oder laang*, *fir Jonk an Al* (Leit).
  - Pronome ginn am Prinzip klenggeschriwwen: *all*, *alles*, *anescht*, *déi meescht*, *déi eng*, *déi aner* (mat der Ausnam vun der Héiflechkeetsform *Dir/Är/Äert/Iech* a vu Substantivéierungen: *engem den Du ubidden*)
  - D’Adverbe *rieds*, *opweises*, *wëlles* ginn ëmmer klenggeschriwwen.

- Ofkierzungen:
  - Wa bei enger Ofkierzung d’Buschtawen eenzel gelies ginn, schreift een alles grouss: *ASBL*, *PDF*.
  - Wa bei enger Ofkierzung d’Buschtawe wéi ee Wuert gelies ginn, schreift ee just deen éischte Buschtaf grouss (wann et e Substantiv ass): *Nato*, *Unesco.*

- Weider Fäll:
  - optional Groussschreiwung bei: *Äddi // äddi soen*, *Merci // merci soen*, *Jo // jo soen*, *villmools Merci // merci*, *Salut // salut*
  - *eppes Besseres*, *dat Schlëmmst*, de Superlativ mat *am* gëtt ëmmer klenggeschriwwen: *am beschten*, *am flottsten*
  - *ufänke mat kachen*, *ufänke mat dämpen* (d’Verb gëtt klenggeschriwwen)
  - *dat Lescht*, *an der Lescht*, mee: *fir d’lescht*, *ech hunn en d’lescht gesinn*

## 2.24 Iwwersiicht iwwer d’Getrennt- an Zesummeschreiwung (Kapitel 9)

Bis elo gouf sech un der däitscher Getrennt- an Zesummeschreiwung orientéiert. Dës Reegele goufe gréisstendeels bäibehalen. Verschidde lëtzebuergesch Fäll hunn awer missen am Detail gekläert ginn. Déi wichtegst Prinzipie stinn hei ënnendrënner:

- Kombinatioune mat *selwecht* an *nämmlecht* ginn auserneegeschriwwen: *dee selwechten*, *mat deem selwechten Auto*, *deen nämmlechte Film*

- wann e Verb a Kombinatioun mat engem Adjektiv, Adverb oder Verb eng wuertwiertlech Bedeitung huet, gëtt et auserneegeschriwwen: *eidel maachen, getrennt schreiwen, stoe bleiwen.* Bei enger iwwerdroener Bedeitung gëtt et zesummegeschriwwen: *klengschreiwen*, *sëtzebleiwen* (an der Schoul), *schifgoen*

- Kombinatioune vun Adjektiven, Adverben oder Pronome mat *(e)sou*, *ze* an *(e)wéi* gi prinzipiell auserneegeschriwwen: *esou vill*, *esou wéineg*, *sou vill Zäit*, *ze vill*, *ze mann*, *wéi vill* (mee: *däi wéivillte Béier ass dat elo?*)

- e Bindestréch gëtt prinzipiell fir eng besser Liesbarkeet benotzt (bei dräi nämmlechte Vokaler oder bei Zesummesetzunge mat Ofkierzunge respektiv Friemwierder): *Mega-Aarbecht, USB-Stick, Latte-macchiatos-Glas, Schëppen-Äss* (oder: *Schëppenäss*)

- Weider Fäll:
    - Kombinatioune mat *net*: Beim Substantiv zesummen (*Netlëtzebuerger*), beim Adjektiv zesummen oder getrennt: *netlëtzebuergesch // net lëtzebuergesch*
    - Ofleedunge vu geografeschen Nimm op -*er* ginn auserneegeschriwwen: *Genfer Séi*, *Wiener Schnitzel*, *Lëtzebuerger Strooss* (Ausnam: *Bierengerbierg*)
    - déi meescht Adverben, Konjunktiounen, Prepositiounen a Pronome ginn zesummegeschriwwen: *allkéiers, anerersäits, biergop, daagsiwwer, ëmsou, géintiwwer, genausou, gradesou, iergendeen, iergendeppes, iergendwou, jidderzäit, kengesfalls, mengersäits, mu(e)nchmol, souwisou // souwéisou, unhand, zudéifst, zurzäit*
    - optional Schreiwungen: *am Gaang sinn // amgaang sinn, allgemenggülteg // allgemeng gülteg, selwergestréckt // selwer gestréckt, elengerzéiend // eleng erzéiend, mathëllef // mat Hëllef, opgrond // op Grond, e puermol // e puer Mol, zweemol // zwee Mol*

## 2.25 De Komma (Kapitel 10.3.1)

Bis elo gouf sech un der däitscher Kommasetzung orientéiert. Déi gouf an den Haaptelementer och bäibehalen a gëtt am neien Text am Detail erkläert. Wichteg sinn allerdéngs zwee Aspekter, déi am Lëtzebuergeschen nei definéiert goufen:

- kee Komma bei *(fir) ze* + einfachen Infinitiv
  - Bei engem einfachen Infinitiv (*ze* plus Verb) oder bei *fir ze* plus en einfachen Infinitiv kënnt kee Komma:
    *Dat Klengt probéiert ze lafen.*
    *Hien huet ugefaangen ze jäizen.*
    *Dat ass fir ze kräischen.*
    *Hie kënnt fir ze hëllefen.*
  - Dat nämmlecht gëllt och fir Sätz, bei deenen den einfachen ze-Infinitiv direkt hannert engem Substantiv oder engem quantitative Pronomen (*eppes, näischt, wéineg, vill*) steet oder duerch e Verweiswuert ugekënnegt gëtt:
    *Dat ass en Timber fir ze sammelen.*
    *Hues du eppes fir z'iessen derbäi?*
    *Hien huet vill ze schaffen.*
    *Ech denken net drun ze goen.*

- Komplex Konjunktioune ginn net duerch e Komma ënnerbrach:
  - Dat betrëfft Konjunktiounen ewéi *jee nodeem ob*, *jee nodeem wéi*, *egal ob*, *egal wéi*, *ëmmer wann* oder Kombinatioune mat Zäitangaben ewéi *dräi Deeg ier oder fënnef Minutten nodeems*:
    *Hie kënnt, egal ob et reent oder net.*
    *Ech kann den Text haut nach schécken, jee nodeem wéi gutt ech virukommen.*
    *Zéng Minutten nodeems ech aus dem Haus war, koum de Bréifdréier.*

# 3 Limitatiounen an oppe Froen

Déi Adaptatiounen, déi mat där aktualiséierter Orthografie a Kraaft trieden an an dësem Dokument virgestallt goufen, betreffe meeschtens Wierder, déi mer aus anere Sproochen iwwerhuelen. Et gouf versicht, esou gutt ewéi méiglech allgemeng Reegelen ze definéieren, déi méiglechst vill Fäll ofdecken. Dacks ass d'Integratioun vun engem Wuert schwéier mat objektive Krittären ze faassen. Aus dësem Grond muss dann op den LD (= LOD) verwise ginn, wou déi aktuell Grafie nozeliesen ass. Am neien Text vun der Orthografie fanne sech da Passagë mat dësem Wuertlaut: „Lautlech integréiert Friemwierder kënne komplett an déi lëtzebuergesch Schreifweis iwwerholl ginn; déi stinn dann am LD."

Een anere Problem ass de Krittär vun der Liesbarkeet, wéi e beispillsweis beim däitschen „Dehnungs-h" benotzt gëtt. Och hei gouf versicht, eng Haaptreegel ze definéieren an iwwer de Krittär vun der Liesbarkeet eng sënnvoll Varianteschreiwung zouzeloossen.

Bei der Grouss- a Klengschreiwung, der Getrennt- an Zesummeschreiwung wéi och de Kommareegele goufen elo ganz nei Elementer an d'Lëtzebuerger Orthografie opgeholl. Wéi et schonn an dësem Dokument erkläert gouf, gouf sech bis elo un d'Däitscht gehalen an dës Reegele sinn esou wäit ewéi méiglech och fir d'Lëtzebuergescht iwwerholl ginn (mat e puer Sonderfäll). Dës nei Reegele sinn eng éischt Hëllef, fir Wierder a Sätz am Lëtzebuergesche richteg ze schreiwen, ouni déi däitsch Orthografie missen zur Hand ze huelen.

Déi aktualiséiert lëtzebuergesch Reegele wäerten – beispillsweis fir d'Komma-Kapitel – nach mat der Zäit weider preziséiert an ergänzt ginn, fir all Zweiwelsfall ofzeklären. Falls den Ament nach Froen opstinn, ass d'Hotline vum LOD vu méindes bis freides erreechbar: lod@lod.lu. All déi aner Informatioune fannt Dir och op www.zls.lu.